

3. 5256 - Projet de loi modifiant la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques (suite)

Mer kommen elo zum Projet de loi 5256, dat ass deen iwwert d'Circulatioun op de Voies publiques. Dozou hu mer een Amendement vum Kolleeg Zanussi. Dee schléit vir - Dir hutt den Amendement virleien -, dass de Paragraph 4 vum Artikel 4 géif suppriméiert ginn.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 4 ass gelies.

Elo kënn den Amendement beim Artikel 4 vum Här Zanussi, wou e virschléit den Absatz 4 vum Artikel 4 ze sträichen.

Ass e Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

D'Ofstëmme fänkt dann un iwwert den Amendement vum Här Zanussi.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

Den Amendement ass verworfen mat 39 Neen- an 19 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jean Asselborn), Jean-Pierre Klein (par Mme Lydie Err), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Also ass den Artikel 4 esou ugeholl wéi e virgeschloe gi war. An da fue- re mer weider mat der Lecture.

D'Artikele 5 bis 7 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de gesamte Projet de loi 5256.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 41 Jo-, 14 Nee-Stëmmen a 5 Abstentoune.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny

Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par Mme Simone Beissel), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jean Asselborn), Jean-Pierre Klein (par Mme Lydie Err), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Georges Wohlfart);

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

An da komme mer zum Projet de loi 5159 iwwert d'nohalteng Entwécklung.

4. 5159 - Projet de loi relative à la coordination de la politique nationale de développement durable

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 16 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir maachen dann elo de Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 35 Jo- a 25 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par Mme Simone Beissel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein (par Mme Lydie Err), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M.

Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Georges Wohlfart);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Kolleegen, ier mer weiderfuere mam Ordre du jour huet den Här Jaerling d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun enger Motioun. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

(Interruptions diverses)

5. Dépôt d'une motion relative à la politique d'embauche du groupe Arcelor

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, wéi ech festgestallt hunn, dass mer an den nächsten Deeg keen esou ee chargéerte Programm hunn, hunn ech mer dann hei d'Fräiheet geholl, fir nach eng Motioun ze deponéieren, déi d'Regierung soll opfuederen, bei Arcelor ze intervenéieren, dass déi Aarbechtsplazen, déi d'nächst Joer op der neier Mëtteleisestrooss geschafe ginn, ausschliesslech solle fir Leit aus eise Lëtzebuurger Stolwierker reservéiert bleiwen, oder fir Leit, déi um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart zur Verfügung sinn.

Motioun

D'Volleksvertrieederkummer

- *stellt fest, datt op ARBED-Belval ab dem Joer 2005 eng nei Mëtteleisestrooss a Betrib geet, op där em déi 220 nei Aarbechtsplaze geschafe solle ginn;*

- *stellt fest, datt zum gläichen Zäitpunkt d'Mëtteleiseproduktioun beim STUL zu Longwy zouge- maach gëtt an datt déi 331 Salariée vun do sollen op den Arcelor-Wierker zu Lëtzebuerg iwwerholl ginn;*

- *stellt fest, datt am Schnëtt hei am Land pro Joer iwwer 300 Beschäftegter aus der Stolindustrie an der CDR (Cellule de reclassement) beschäftigt ginn, déi zum Deel vum Lëtzebuurger Stat finanziert gëtt an datt d'CDR ab 2007 soll op 600 Beschäftegter uweessen;*

- *stellt fest, datt um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart em déi 12.000 Leit op der Sich no enger Schaff sinn;*

- *kann net dermat averstane sinn, datt déi Aarbechtsplazen, déi op der neier Mëtteleisestrooss op ARBED-Belval geschafe ginn, mat Leit besat ginn, déi net op de Lëtzebuurger Arcelor-Wierker respektiv an der CDR beschäftigt sinn, respektiv vu Leit, déi net um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart zur Verfügung stinn;*

fuerdert d'Regierung op

bei der Direktioun vun Arcelor an- zewierken, datt déi nei Aarbechtsplazen, déi op der neier Mëtteleisestrooss op ARBED-Belval geschafe ginn, ausschliesslech vu Salariée besat ginn, déi op de Lëtzebuurger Arcelor-Wierker oder an der CDR respektiv um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart zur Verfügung stinn,

(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp.

Ech wär frou, wann iwwert dës Motioun dës Woch nach géif ofgestëmmt ginn.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Gitt de Sozialisten déi, déi hunn Übung mam Steckel!

M. le Président.- Mir fuere dann elo weider mat eisem Ordre du jour a kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5313, een Ofkommes iwwert d'Banque européenne pour la reconstruction et le développement. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn agedroen: déi Här Krecké a Graas. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

Une voix.- Här President, et ass den Här Bodry, deen interve- niert.

6. 5313 - Projet de loi portant approbation de l'Amendement à l'article 1^{er} de l'Accord portant création de la Banque européenne pour la reconstruction et le développement, adopté par le Conseil des gouverneurs par une résolution du 30 janvier 2004

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi kommunistesch Regimer an Osteuropa sinn zesummegebrach. Hir Ekono- mien hu sech méi oder manner séier vun enger Planwirtschaft an eng Maartwirtschaft ëmgewandelt. Déi europäesch Statscheffen haten dofir um Europasommet vu Stroossbuerg am Dezember 1989 decidéiert eng Bank ze grënnen, fir dese Prozess ze ënnerstëtzen.

Dës Banque européenne pour la reconstruction, ofgekierzt BERD an am Volleksmond och oft Europabank ge- nannt, gouf offiziell 1991 gegrënnt. Lëtzebuerg zielt zu de Grënnungs- memberen an huet eng Kapitalpart gezechent vu 40 Milliounen Euro. D'Aufgab vun der BERD ass et den Opbau vun enger effizienter Maart- wirtschaft ze ënnerstëtzen. Si setzt sech fir bedeiend Investitiounen an an zielt nach haut zu de wich- tegsten Investoren an Zentral- an Osteuropa. Si mécht dat op e puer Weeër: Si mobiliséiert direkt auslännesch Investoren. Si propo- séiert den internationale Banken a Betriber Projeten, déi finanziert solle ginn.

Des Weideren ënnerstëtzt si awer net nëmme Privatbetriber, mä och Statsbetriber. Dat kann op den eischte Bléck e bësselchen iwwer- raschen, mä mat hirer Interventioun wëll d'BERD d'Privatiséierung alee- den an d'Restrukturatioun vun de Statsbetriber och förderen.

D'BERD huet e puer besonnesch Charakterzich, déi et wäert ass ze ernimmen. Eischstens ass et eng in- ternational Finanzinstitutioun, wou eis amerikanesch Frënn keng Ma- joritét zum Blockéiere vun den Dé- cisiounen hunn.

Zweetens leeft d'Kapital net op US- Dollaren, mä op Euroen.

Drëttens vergëtt d'BERD net nëm- me Präten, mä si ass des Weideren och autoriséiert selwer Participa- tiounen um Kapital vun deenen eenzelne Betriber kënnen ze hue- len.

Véiertens, zu de Membere vun der Osteuropabank zielen net nëmmen Nationalstater, mä och d'Euro- päesch Unioun an d'Europäesch Investitiounsbank.

Fënneftens - an heirop wëll ech e bësse méi laang agoen -, déi Län- ner, déi an de Genoss vun der In- terventioun vun der BERD komme wëllen, musse gewësse Kritäre re- spektéieren. Dat sinn an der Haaptsaach de Respekt vun den demokratesche Prinzipien an och de Respekt vun der Ëmwelt.

Da gesinn d'Statute vun der BERD vir, datt d'Länner vun Zentral- an Osteuropa ënnert der Fuchtel vu Moskau hate stoe misse. Duerch dës Definitioun ass awer d'Mongo- lei ausgeschloss. Op d'Proposi- tioun vun eisem Statsminister Jean- Claude Juncker huet dofir dat ie- wescht Entscheidungsorgan vun der Osteuropabank, de Gouver- neursrot, ënner senger Présidence decidéiert, den Artikel 1 vun de Statute vun der BERD ëmzeännere.

Konkret gëtt hei ee Saz bäigesat, deen explizit d'Mongolei als Land ernent, dat vun den Interventiou- ne vun der BERD profitéiere kann. Dës Décisioun vum Gouverneurs- rot muss vu jiddfer Memberstat elo och ratifizéiert ginn. De Lëtzebu- er Statsminister huet dofir den 18. Mäerz vun dësem Joer de virleien- de Projet de loi heibannen dépo- séiert.

De Statsrot huet den 20. Abrëll de Projet aviséiert; en ass u sech mam Projet d'accord, huet awer e puer Remarquen zum Gesetzestext an zur Iwwerschrëft formuléiert. D'Fi- nanzkommissioun huet sech an hi- rer Sitzung vum 3. Mee dëse Pro- positione vum Statsrot ralliéiert. D'Commission des Finances et du Budget huet an därselwechter Sit- zung mech als Rapporteur bestëmmt an och de Rapport bei enger Enthaltung ugeholl.

Här President, konkret ass d'Mon- golei mam virleiende Projet an de Genoss vun de Finanzmëttelen a vun der Ënnerstëtzung duerch d'BERD komm. Si ass schonn zën- ter 2000 awer och Member vun dë- ser Bank. Am Abléck gëtt d'Mon- golei vun engem Fonds de coopé- ration technique pour la Mongolie ënnerstëtzt, dee virun dräi Joer vun Holland, Japan a Lëtzebuerg ge- grënnt gouf. An der Tëschenzäit huet sech och den Taiwan dësem Fong ugeschloss.

Am Résumé, Här President, ass et een u sech gudder Projet an dofir fällt et mer och net schwéier d'Chamber ze bidden dëse Projet ze stëmme. Selbstverständlech ginn ech dann och nach den Ac- cord vun der CSV-Fraktioun fir dë- se Projet.

M. le Président.- Als eisch- ten Diskussiounsriedner huet elo den Här Bodry d'Wuert.

Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hä- ren, ech mengen ech ka mech kuerzfaassen. Et geet hei ëm eng kleng Ofännerung vun engem Arti- kel wat d'BERD betrëfft. Et ass elo esou, dass zënter dem Joer 2000 d'Mongolei Member ass vun der BERD, mä d'Mongolei war bis elo net bei deene Länner, déi och vun de Prestatiounen vun där Bank kë- nen benefisiéieren. Dat soll elo anescht sinn an dofir wäert eis Fraktioun och deen heite Projet stëmme.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Graas huet elo d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hä- ren, ech wëll fir d'eischt dem Rap- porteur Lucien Clement merci soe fir seng verschidde Berichter a selbstverständlech bréngen ech och den Accord vun eiser Frak- tioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskus- sioun ass ofgeschloss a mir kom- men zur Lecture vum Article unique a stëmme driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5313.